PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

n° 3720

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 09:01, 26/02/2021

Lëtzebuerg, den 26/02/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Gesondheet weiderzeleeden.

De 15ten Dezember gouf an der Chamber eng Motioun gestëmmt, déi virgesäit, dass am ëffentlechen Transport, an och bei Busarrêten a Garë sollen Desinfektiounsgel-Spender installéiert ginn. Den zoustännege Minister huet am Februar an der Chamber erkläert, dass bis elo an 11 Garë Spender opgestallt goufen.

An de Recommandatioune vun der Santé fir d'Commercen, heescht et, dass de Patron de Salariéeën entweder Accès zu engem Lavabo mat Seef oder zu Desinfektiounsgel muss garantéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Spender goufen am Januar opgestallt?
   Wéi vill am Februar?

2. Huet de Minister sech, wéi an der Motioun gefrot, a Kontakt gesat mat de privaten a kommunalen Transport-Firme wéi dem TICE, a si invitéiert, och Desinfektiounsmëttel-Spender opzestellen?

3. Wärend dem Debat an der Chamber huet de Minister erkläert, dass Luxtram an d'CFL plange fir kleng Ampulle mat Gel un d'Passagéier ze verdeelen.
   Sinn déi 20'000 Ampullen all verdeelt ginn?

   Gouf fir dës Ampulle recycléierte Plastik benotzt?
   Falls nee, wéi vill Kilo Plastiksoffall entstinn duerch dës Einweg-Produiten?

4. Hunn all d'Centre commerciaux, déi ee Protocole sanitaire bei der Direction de la Santé agereecht hunn, an dësem Desinfektiounsmëttel-Spender fir d'Clientë virgesinn?

   Falls jo, firwat ass d'Bereetstelle vun Desinfektiounsgel am Commerce obligatoresch an am Transport net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 01 AVR. 2021

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

REÇU
Par Christine Wirtgen , 16:13, 01/04/2021

Service Central de Législation
Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire N°3720 du 26 février 2021 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen, concernant le gel désinfectant dans les transports publics, avec la prière de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

Gemeinsam Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, an der Madame Paulette Lenert, Gesondheetsminister, op d'parlamentaresch Fro n°3720 vum 26. Februar 2021 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen iwwer den Desinfektiounsgel am ëffentlechen Transport

1. ***Wéi vill Spender goufen am Januar opgestallt?***
   Wéi vill am Februar?

D'CFL hunn am November 2020 insgesamt 16 Desinfektiouns-Spender, verdeelt op 11 Garen an Arrêten, installéiert:

Gare	*Unzuel vun de Spender*
Lëtzebuerg	6
Esch/Uelzecht	1
Belval/Uni	1
Péiteng	1
Rodange	1
Beetebuerg	1
Waasserbëlleg	1
Miersch	1
Clierf	1
Pafendall	1
Ettelbréck	1

An de Méint Januar a Februar goufen awer keng zousätzlech Desinfektiounsgel-Spender méi opgestallt.

Zousätzlech hunn d'CFL déi éischt 40 Spender fir d'Installatioun an de Busse geliwwert kritt. Dës sinn am gaang agebaut ze ginn.

Aktuell sinn och eng 702 RGTR Busser mat Desinfektiounsgel-Spender equipéiert. Et sinn och nach eng 252 Spender bestallt, déi an nächster Zukunft agebaut ginn.

2. ***Huet de Minister sech, wéi an der Motioun gefrot, a Kontakt gesat mat de privaten a kommunalen Transport-Firme wéi dem TICE, a si invitéiert, och Desinfektiounsmëttel-Spender opzestellen?***

Jo, all privat an kommunal Transportfirma ass informéiert an invitéiert ginn déi besote Spender opzestellen.

3. ***Wärend dem Debat an der Chamber huet de Minister erkläert, dass Luxtram an d'CFL plange fir kleng Ampulle mat Gel un d'Passagéier ze verdeelen.***
   Sinn déi 20 000 Ampullen all verdeelt ginn?
   Gouf fir dës Ampulle recycléierte Plastik benotzt?
   Falls nee, wéi vill Kilo Plastiksoffall entstinn duerch dës Einweg-Produiten?

D'CFL huet 20 000 Ampulle Desinfektiounsgel bestallt, vun deene bis elo 8 000 Stéck verdeelt goufen. Dës Ampulle goufen net aus recycléiertem Plastik hiergestallt, mee se sinn awer recyclabel. Zum Zäitpunkt vun der Bestellung haten d'Ampullen aus recycléiertem Plastik eng duebel laang Liwwerzäit, wat ugesiichts der Restriktioun, d'Verdeelung direkt ulafen ze loossen, ze laang war. Duerch déi insgesamt bestallten, 20 000 Ampullen entsti 732 Kilo Plastikoffall.

Och fir den RGTR Transport sinn 20 000 Ampulle bestallt gin.

4. ***Hunn d'Centre commerciaux, déi ee Protocole sanitaire bei der Directioun de la Santé agereecht hunn, an dësem Desinfektiounsmëttel-Spender fir d'Clientë virgesinn?***
Falls jo, firwat ass d'Bereetstelle vun Desinfektiounsgel am Commerce obligatoresch an am Transport net?

Jo, an den Hygièneskonzepter vun de Centres commerciaux déi Gesondheetsdirektioun zougestallt krut sinn effektiv ëmmer Desinfektiounsmëttel-Spender virgesinn.